N°254
Entrée le 31.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.01.2024

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 31. Januar 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnengsbauminister weider ze leeden.

De 7. August 2023 ass Gesetz iwwert den abordabelem Wunnraum a Kraaft getrueden. D'Gemenge sollen eng zentral Roll spille fir ze hëllefen géint d'Wunnengsnout virzegoen an erschwëngleche n Wunnraum ze schafen. Dofir ginn Gemengen och vum Ministère du Logement sollicitéiert fir dëst Gesetz ëmzesetzen.

Gemengen sinn bereet d'Entwécklung vun abordabele Wunnengen z'ënnerstëtzen, leider sinn am Gesetz souvill Onkloerheeten datt et wichteg wier datt d'Gemengen Instruktiounen zur Ëmsetzung an och zu Delaien geife matgedeelt kréien.

Laut mengen Informatioune  sollen et och Problemer beim Logements pour jeunes ginn. Sou géifen Prestataire am Beräich vum Jugendwunnen ënnert der momentaner Gesetzgebung praktesch keng Hëllefe méi beim Bau vun neie Wunnenge vu Säiten vum Logementsministère kréie well hiere Modell fir ze schaffen si géif ausschléissen.

An dësem Kontext géif ech gäre follgend Froen un den Här Wunnengsbauminister stellen

- Wéini kréie Gemengen eng Circulaire vum Ministère iwwert d'Ëmsetzung vum Gesetz iwwert den abordabelem Wunnraum ?
- Huet den Här Minister Kenntnis vun der Problemer beim Schafe vun Jugendwunnengen a wei gedenkt de Här Minister dogéint virzegoen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n° 254 vum 31. Januar 2024 vum Här Deputéierten Marc Lies betreffend « logement abordable ».**

**Wéini kréie Gemengen eng circulaire vum Ministère iwwert d'Emsetzung vum Gesetz iwwert den abordabele Wunnraum?**

Déi éischt Note zum neie Gesetz ass de 26. Juli 2023 erausgaangen an huet allgemeng Erklärungen zum neie Gesetz a senger Ëmsetzung ginn. Dono si reegelméisseg Notten a Circulairen erausgaange fir d'Promoteuren, d'Bailleuren an d' Locatairen iwwert déi nei Gesetzgebung ze informéieren. Dat si bis elo 12 Notten a Circulairen, déi och alleguer um Internetsite vum Wunnengs- a Landesplanungsministère nozeliese sinn an déi di betraffe Partner och ëmmer per Mail zou geschéckt kréien, inklusiv Gemengen.

Weiderhin hu verschidde Reunioune mat Associatiounen a Gemenge stattfonnt fir sech iwwer finanziell a praktesch Punkten ze eenegen a fir hier Erfarungen ze lauschteren.

E perséinlechen Austausch mat de Promoteuren a Bailleuren huet och an de Workshops vun der Semaine Nationale du Logement, sou wéi an zwee weidere Workshops um Wunnengsbauministère stattfonnt.

Ausserdeem ass de Copil "Dialogue structuré", deen sech aus Vertrieder vum Wunnengs- a Landesplanungsministère, dem Syvicol, der Fedas, dem Fonds du Logement an der SNHBM zesummesetzt, e wichtegt Element fir de reegelméissegen Austausch vun Informatiounen am Kader vun der Emsetzung vum neie Gesetz. Dësen Copil kënnt och weiderhin reegelméisseg zesummen.

**Huet den Här Minister Kenntnis vun de Problemer beim Schafe vu Jugendwunnengen a wéi gedenkt den Här Minister dogéint virzegoen?**

D'Gesetz vum 7. August 2023 gesäit vir, dass all Promoteur public resp. all Promoteur sans but de lucre eng finanziell Ënnerstëtzung vum Logementsministère kann ufroe fir bezuelbar Wunnengen ze bauen. D'Konditiounen dofir sinn déi selwecht fir all Promoteur.

Jugendwunnen ass am Gesetz extra ernimmt bei de "logements dédiés aux jeunes". All abordabel Wunneng ënnerläit de Bestëmmunge vum « Cahier des charges pour le développement de logements abordables ». Wann d'Projeten dëse Richtlinnen, déi souwuel d'Planung wéi och de finanziellen Deel betreffen, entspriechen, da kann de Bau vun de Wunnenge fir Jonker, déi autonom wunne kënnen, bis zu 75% vum Gesamtkäschtepunkt vum Logementsministère finanziell ënnerstëtzt ginn.

Déi abordabel Wunnenge sollen insgesamt raisonabel geplangt sinn an de Bewunner eng gutt an adäquat Wunnqualitéit bidden. Dofir ass den uewe genannten « Cahier des charges pour le développement de logements abordables » enk mat den ëffentleche Bauträger Fonds du Logement an SNHBM ausgeschafft ginn. Fir all Projet gëllt dass een vum Ufank vun der Planung un dëst Dokument als Planungsdokument dobäi hellt, fir ze garantéieren, dass een vun der gesamt méiglecher finanzieller Hëllef ka profitéieren. Mäi Service steet an dem Sënn och ëmmer zur Verfügung fir e Projet vun Ufank un ze begleeden.

Am Beräich vum Jugendwunnen ass et och immens wichteg, datt et en Echange gëtt tëschent den eenzele Ministèrë fir d'Acteure richteg ze beroden an op di richteg Ulafstell ze orientéieren. Domadder gëtt séchergestallt, datt d'Projeten, spezifesch am Beräich vum Jugendwunnen, vun Ufank un déi bescht Ënnerstëtzung kréien an dono kennen ëmgesat ginn.

Lëtzebuerg, de 26/02/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch